



3. 5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire (suite)

Discussion générale (suite)

» M. Eugène Berger (DP).- An den Aarbechten ass och d'Fro gestallt ginn, ob een net och sollt d'Obligation scolaire no ënnen ausdehnen. Konkret géif dat heeschen, datt een och géif de Précoce an Zukunft obligatoresch maachen. Dat war eng Diskussioun, déi interessant ass. Dat géif heeschen, datt d'Kanner also missten ab dräi Joer dann an d'Schoul oder an eng... Jo, géif een dat awer als Schoul bezeechen? D'Madame Loschetter wénkt mam Kapp.

Effektiv ass dat och eng Schoul an et ass jo och esou, datt hei ab dem Précoce och eng ganz spezifesch Fréiförderung vun de Kanner stattfënnt. Dat ass da sécherlech ganz sënnvoll, well all d'Experte soen eis jo, datt besonnesch dat, wat d'Kanner am fréien Alter léieren, se ka ganz besonnesch markéieren a gutt préparéiere fir d'Sproochen. Et soll ee sech also där Diskussioun net verschléissen, och wa mer do elo nach keng Décisioun geholl hunn.

Et misst een awer och op alle Fall considéréieren, datt et Kanner gëtt, déi eventuell mat dräi Joer nach net prett sinn an och kéinten domadder iwwerfuert ginn. Ech selwer hat zwee Kanner an deem Alter, déi elo méi grouss sinn, wou ech gemierkt hunn, wéi se deemools, obwuel et net obligatoresch war, och zum Beispill a Garderien oder soss Infrastrukture gaange sinn, datt dat eent Kand mat dräi Joer absolut keng Problemer hat, dat zweet Kand awer do e bësse méi Schwieregkeeten hat. Mä dat ass eng Diskussioun, déi mer wäerte sécherlech nach an Zukunft féieren.

Ech wëll einfach nëmme soen, datt Fréiförderung an de Précoce awer insgesamt ganz gutt Saache sinn an datt et och gutt ass, datt am Gesetz steet, datt d'Kanner e Recht drop hunn, fir kënnen awer ab dräi Joer an de Précoce opgeholl ze ginn.

Här President, ech wollt nach kuerz eng Remarque maachen zu deem, wat den Här Roth virdu gesot huet. Wat elo e bësse méi spezifesch ass, dat ass dat vum sougenannten Turnterrecht, respektiv hien huet jo hei, wann ech dat richtig verstanen hunn, plädéiert, fir datt sollen ausgebildeten Turnproffen an Zukunft an eis Grondschoulen enseignéiere kommen. Ech hunn domadder, muss ech soen, Problemer.

Besonnesch wa mer déi Diskussioun kucken, déi mer gëschter gefouert hu par rapport zur Grondschoul an zum Personalgesetz, wou mer soen, mir hätte gären Enseignanten an eise Grondschoulen, déi Allrounder sinn, déi sollen all Coursé kennen halen. Da muss et an där Logik och esou sinn, datt mer an Zukunft och an eiser Grondschoul weiderhin déi Experten hunn, déi d'Kand a senger Gesamtheet gesinn an déi och dann natierlech mussen forméiert, préparéiert ginn, fir kënnen déi Coursen ze halen.

Mir sollen net eng Dier opmaachen, fir datt elo aner Enseignanten, eben neier, sollten an eis Schoul kommen. Dat géill souwuel fir de Sportunterrecht wéi fir de Museksunterrecht, fir de Konschtunterrecht an esou weider. Mir sollen eis net an déi Logik beginn, mä mir sollen da wierklech an deem Sënn schaffen, wéi mer dat gëschter diskutéiert hunn, datt an der Grondschoul och nëmme gutt ausgebildeten Enseignanten, Bachelore solle Schoul halen.

Här President, ech kommen zum Schluss. An dem Package iwwert d'Reforme vun der Grondschoul ass et sécherlech net dee kontroverséiertsten Text, et ass och net dee komplizéiertsten Text, ëmsou méi well et jo hei eigentlech net ëm vill nei Dispositiounen geet, déi elo spezifesch d'Grondschoul betreffen. Den Hauptpunkt ass jo dee vun der Ausdehnung vun der Schoulpflicht op 16 Joer, an ech menge mir kënnen deem zoustëmmen.

Dës puer Remarquë gemaach, wéilt ech awer och nach eng Kéier drun erënnere, datt mer frou wieren, wann eis Amendementen géifen an deem Sënn considéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Berger. Den Här Adam huet elo d'Wuert.

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz iwwert d'Obligation scolaire leet d'Basis fir dat, wat mer dann duerno eigentlech missten organiséieren an definéieren: den Enseignement fondamental. D'Gesetz iwwert d'Obligation scolaire hätt misse, den Iwwerleeunge vun der grénger Fraktioun no, den Ausgangspunkt si vun deenen dräi anere Gesetzter, déi d'Schoul betreffen. Eiser Logik no wieren dat dann och Gesetzter gewiescht fir all Kanner, déi der obligatorescher Schoulpflicht ënnerleien, an all Enseignanten an Intervenanten, déi mat dëse Kanner schaffen.

D'gréng Logik an d'gréng Konsequenz sinn net déi vun der Regierung. Dat ass natierlech schued, mä einstweilen nach net ze änneren.

Här President, ech wëll dem Här Rapporteur, dem honorabelen Här Fernand Diederich, Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Den Hauptpunkt vun dësem Gesetz ass fir d'Dauer vun der Schoulobligatioun vun eelef op zwielef Joer eropzesetzen. Domat leie mer souwuel am internationalen Trend wéi och an der Fortsetzung vun der Schoulentwécklung hei zu Lëtzebuerg.

Am Schoulgesetz vun 1912 war festgeluecht ginn, datt d'Kanner alleguerte misste siwe Joer laang an d'Schoul goen. 1945 ass d'Schoulpflicht op aacht Joer erweidert ginn. 1963 ass d'Schoulpflicht op néng Joer ausgedehnt ginn an zënter 1964 huet och bal all Gemeng misse eng Spillschoul ariichten; e puer minimal Konditiounen hu misse erreecht ginn. Déi Spillschoul war deemools awer net obligatoresch fir d'Kanner.

Eréischt 1992 ass de Besuch vun der Spillschoul obligatoresch gemaach ginn. D'Schoulpflicht ass also dunn op eelef Joer erweidert ginn. Am Ënnerscheed zu der Primärschoul waren awer keng richtig Sanktiounen virgesinn, wann d'Kanner respektiv d'Elteren der Schoulpflicht net nokomm sinn. Et stoung just am Règlement grand-ducal, datt am Fall vu méi laangem Schoulschwänzen d'Assistante sociale misst doheem laanschtkommen. Eng Mesure, iwwert där hir pedagogesch Onraffinesse ech eigentlech nëmme staune kann!

Haut setze mer dann d'Schoulpflicht erop op zwielef Joer. An engens Méiere mer déiselwecht Sanktiounen fir d'Schwänze vun der Spillschoul, pardon, dem éischte Schoulcycle an, wéi fir déi aner Cyclen. Et wieren hei jo eigentlech zwou Méiglechkeeten ginn, wann een déi Zäit, wou d'Kanner mussen an d'Schoul goen, wëllt verlängere: entweder méi fréi kommen oder méi laang bleiwen.

DÉI GRÉNG sinn, wéi déi aner Parteien och, der Meinung, datt mer d'Schoulpflicht net méi fréi wéi véier Joer sollen usetzen. Och wa mer wëssen, datt een d'Kanner méiglechst fréi soll förderer, da si mer sécher, datt een net nëmme a schoulesche Struktur förderer kann a förderer muss.

Esou huet zum Beispill Finnland nëmme eng Schoulpflicht vun néng Joer an déi fänkt am Alter vu siwe Joer un, wann d'Kanner an d'éischt Schouljoer ginn. An de skandinavesche Länner allgemeng setze se éischter op Betreuungsstrukture fir kleng Kanner wéi op schoulesch Strukturen fir deen Alter. Also sollen déi Jugendleche méi laang an der Schoul bleiwen.

Praktesch heescht dat, datt déi Jonk elo net méi bis 15 Joer schoulpflichteg sinn, mä si misse mindestens esou laang an d'Schoul goen, bis se dat Schouljoer ofgeschloss hunn, wou se 16 Joer al gi sinn. Dat ass eng Neierung, dat huet Konsequenzen, zwar net onbedéngt fir vill Jugendlecher. Déi allermeescht gi souwisou därelech méi laang an d'Schoul, wéi d'Gesetz et verlangte.

Mä et huet Konsequenzen fir e Grupp vu Jugendlechen, deen der Schoul an doriwwer eraus vill Suerge mécht: de Grupp vun de potenzielle Schoulbriecher, deene Jonken, déi absolut keen Zil méi an engem Schoulbesuch gesinn, déi just nach an d'Schoul ginn, well se mussen, déi net motivéiert sinn an och ganz schwéier erëm ze motivéieren sinn.

Mir verstinn d'Verlängerung vun der Schoulpflicht als eng vun de Mesuren, déi sech aus deene verschiddenen Etüden iwwert d'Schoulbriecher zu Lëtzebuerg erginn. Mir freeën eis mat alle Partner, datt déi lescht Etüd iwwert den Décrochage scolaire eng Rei positiv Punkte konnt opweisen. Den Taux de décrochage scolaire ass par rapport zu 2003 ëm 45% erofgaang. An dëser leschter Etüd vum Juli 2008 louche mer bei engem Taux liicht ënner 10%.

D'Froen, déi DÉI GRÉNG sech schonns bei der Publikatioun vun dëser Etüd gestallt hunn, bleiwen och elo, wou mer dat Gesetz hei stëmmen, méi aktuell wéi jee. Een Drëttel vun de Schoulbriecher si vun der Bldfläch verschwonne. Mir wëssen et net genau, mä mir mengen, si wieren aus dem Land fortgezunn. Kréie mer dann elo besser Äntwerten, wann d'Schüler ee Joer méi laang schoulpflichteg sinn?

Eng Rei Schoulbriecher schreiwe sech iergendwann eng Kéier erëm an enger Schoul am Ausland an. Si hunn also net mat der Schoul, mä mam Lëtzebuurger Schoulsystem ofgebrach. Geet déi Zuel elo nach an d'Luucht?

Elteren, déi net derfir suergen, datt hir schoulpflichteg Kanner an d'Schoul ginn, maache sech strofbar. Dat ass eng logesch Konsequenz vun der Schoulpflicht. Dat ass awer nach keng Motivatioun, fir en desinteresséierte Jonken an d'Schoul ze kréien.

Mir begrëssen duerfir och ausdrécklech den Artikel 12 vum Gesetz, wou mer de Lycéeë Moyenen zougestinn, fir déi betrafte Schüler a Schülerinnen ze encadréieren. An et wäert vun dëse Mesures d'encadrement ofhänken, ob d'Erweiterung vun der Schoulpflicht en Erfolleg gëtt oder net.

Mam Artikel 22 schafe mer iwwert déi nächst fënnf Joer insgesamt 60 Educateur-graduë-Posten. Dat schéngt vill, ass awer duerchaus berechtegt. Mir ginn domat endlech all Lycée déi Méiglechkeeten, déi mir deenen neie Lycéeë schonns direkt mat op de Wee ginn hunn. All Lycée soll eng Equipe vu Sozialerzéier hunn, déi sech solle besonnesch drëm beméien, datt Schüler mat Verhalensopfélegkeeten a Léierschwieregkeeten kënnen mat Erfolleg hir Schoul besichen.

Net datt mer un der gudder Aarbecht vun den Educateurs graduë géifen zweifelen. Mir kéinten eis och an de Lycéeën Equipes multiprofessionnelles virstellen, wou nach Leit aus anere Beruffer géifen dozou gehéieren.

All Kand wat d'Schoul ofbrécht an ouni Ofschloss verléisst, ass een Echec fir eise Schoulsystem. An deem Sënn begrëisse mir d'Verlängerung vun der Schoulpflicht. Mir hunn also nach ee Joer méi laang eng Emprise op deen eenzelne Jugendlechen.

Mir begrëssen och d'Méiglechkeet, dat lescht Joer vun der Schoulpflicht à temps partiel kënnen ze maachen. Dat steet deem Zil, ee valable Schoulfloss ze kréien, jo net am Wee, ganz am Géigendeel.

DÉI GRÉNG droen also d'Kärstéck vun dësem Gesetz, d'Erweiterung vun der Schoulpflicht ëm ee Joer mat de Mesures accompagnatrices, mat. Zur Debatt stinn awer och nach e puer Artikelen, vun deenen de Statsrot a sengem Avis schreift, si géifen net an dëst Gesetz gehéieren.

Den Artikel 2 zum Beispill, wou steet, datt all Kand, wat zu Lëtzebuerg wunnt, ee Recht huet, an d'Schoul ze goen. Och wann de Statsrot net onrecht huet, wann e seet, deen Artikel wär superfétatoire, well dat Recht jo schonns um Artikel 23 vun der Constitutioun steet, an et ass och richtig, datt dësen Droit sech laut der Konventioun vun de Kannerrechter bis op de Jugendleche vun 18 Joer ausdehnt, esou stéiert den Artikel 2 eis net. Ëmmerhin, d'Recht op eng Plaz an der Éducation précoce fir déi Dräijähreg ass nei, an den Artikel 3 fënnit eis Ënnerstützung esou wéi en am Gesetz steet.

D'Artikelen 3 bis 6, esou seet de Statsrot, gehéieren och net an dëst Gesetz.

Den Artikel 3 beschreift d'Ziler vun der Schoul. Mir fannen déi Ziler gutt formuléiert. Si maachen och Sënn op dëser Plaz. Et ass gutt ze wëssen, zu wat datt mer d'Kanner obligéieren. Ausserdeem sinn déi allgemeng Missiounen vun der Schoul néierens anescht an dëser allgemenger éischer gesellschaftspolitescher Form festgehal.

Den Artikel 6 seet, datt déi dräi offiziell Sproochen och d'Sproochen vum Enseignement sinn. Do hu mir näischt dergéint anzuwenden.

Mam Artikel 4 kënnen mir allerdéngs net d'accord sinn: „Dans le respect de la liberté de conscience des élèves et à l'exception des cours d'instruction religieuse et morale, la formation scolaire ne privilégie aucune doctrine religieuse ou politique.“ Mat dësem Artikel schreiwe mir indirekt och an dëst Gesetz fest, datt mer och an Zukunft de Reliounsunterrecht an eisen öffentleche Schoule wëllen organiséieren.

Mam Artikel 5 si mir och net averstanen. Ech deelen och net d'Explikatiounen vum Här Berger vun der Demokratescher Partei. „À l'exception de l'enseignement titulaire d'un cours d'instruction religieuse et morale, l'enseignant ne peut manifester ostensiblement par sa tenue vestimentaire ou le

port de signes son appartenance à une doctrine religieuse ou politique.“ Dësen Artikel ass an eisen Ae schwéier mam Prinzip ze vereinbaren, datt all Mënsch virum Gesetz gläich ass. Firwat däreft den Enseignant vun engem Schoulfach, zum Beispill der Relioun, anescht ronderëmlafe wéi den Enseignant vun engem anere Schoulfach?

Mir verstinn och net wat mat dësen zwee Abschnitter soll erreecht ginn.

» Une voix.- Wëllt Dir dat eraushuelen, oder wat?

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Mir wëllen dat eraushuelen.

Mir verstinn och net wat mat dësen zwee Abschnitter soll erreecht ginn. Am Commentaire des articles gi mir och näischt Gescheites gewuer. Als Explikatioun fir den Artikel 4 a 5 muss och nach grad en Extrait vun engem Bréif vum Jules Ferry duerhalen. Wann de Jules Ferry wéisst zu wat hei seng Aussoe méssbraucht géife ginn, hie géif sech am Graf ëmdréinen.

De Jules Ferry ass dee franséische Minister, deen de Reliounsunterrecht aus de Primärschoulen erausgeholl huet an duerch d'Instruction morale et civique ersat huet. „L'instruction religieuse appartient aux familles et à l'église, l'instruction morale à l'école.“ Wann Der de Jules Ferry an Ären Texter zitéiert, léif sozialistesche Kolleegen, dann huet och wann ech gelift déi richtig a wichteg Passagen. Dat sidd Der der Wourecht schëlleg!

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Här President, mir verstinn net, firwat datt den Artikel 5 soll gutt sinn. Geet et drëms deem virzepräifen, wat emol a Frankräich e Problem war an och nach ass? Geet et ëm de Port du voile an eisen öffentleche Schoulen? Da gi mer awer ze bedenken, datt dëst Gesetz jo just den Enseignanté verbitt hir politesch a reliéis Iwwerzeegungen ze weisen, net awer de Schüler a Schülerinnen.

De Conseil d'État mengt den Artikel 5 wär iwwerhaupt net néideg, well den Enseignant jo Fonctionnaire ass a gebieden ass sech un d'Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statut général des fonctionnaires de l'État ze halen. Do steet ënner anerem: „Le fonctionnaire est tenu aux devoirs de disponibilité, d'indépendance et de neutralité.“ Dat geet dem Statsrot duer, an dat géif eis och duergoen.

Mir lehnen den Artikel 5 also inhaltlech of. Mir hunn doriwwer eraus awer och Problemer mat der Formulatioun: „(...) l'enseignant ne peut manifester ostensiblement par sa tenue vestimentaire ou le port de signes son appartenance à une doctrine religieuse ou politique.“

De Pin op mengem Paltong hei ass fir mech en därelech Zeechen, datt ech enger politischer Partei zougehéieren; a mengen Aen e Signe ostensible. Ech géif esou e Pin net uspéngel fir an d'Schoul ze goen. An awer, wann ech zum Beispill wéisst, datt de Kolleeg President vum Comité ëmmer mat engem anere Pin géif ronderëmlafen, oder den Enseignant vum Reliounsunterrecht all Dag mat sengem Pin vun der LSAP dierft an d'Schoul kommen, da géif ech eventuell op d'Iddi komme fir ze stëppelen. Dierft ech dann esou e Pin u mengem Paltong loossen, wann ech Schoul halen? Wie seet mer, ech misst en erofhuelen? De Kolleeg President vum Comité?

Här President, mir haten een Amendement eragereecht, wou mir den Artikel 4 an den Artikel 5 grad wéi de Statsrot aus dem Gesetz wollten eraushuelen. D'Majoritéit wollt dat net. Mir fannen d'Artikele 4 a 5 iwwerflësseg, onnëtz a falsch. Duerfir kann ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem ganze Gesetz net ginn.

Well mir awer mat den Hauptpunkten, der Verlängerung vun der Schoulpflicht an der Verbesserung vum Encadrement vun enger quasi Risikogrupp vu Jonken d'accord sinn, froen ech am Numm vun der grénger Fraktioun d'Division vum Vote un. Ech beruffe mech op den Artikel 45 vum Chambersreglement. Déi gréng Fraktioun stëmmt fir d'Artikelen 1 bis 22 vum Projet de loi relatif à l'obligation scolaire, mat Ausnahm vun den Artikele 4 a 5. Déi gréng Fraktioun stëmmt géint d'Artikele 4 a 5 vun dësem Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Adam. Dann huet nach den Här Mehlen d'Wuert gefrot, ier mer zur Regierung kommen.

» **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Merci, Här President. Ech wëll och fir unzefänken dem Rapporteur Merci soen, deen eis dat Gesetz hei gutt explizéiert huet. Et ass dat drëtt Gesetz a Folleg, wat méi allgemeng d'Schoufflicht an och aner Aspekter vun der Schoul regelt. Ech wëll ufänke mam Précoce, deen an Zukunft muss obligatoresch ugebuede ginn. Dat wäert hei am Land net schrecklech vill änneren, well dat haut scho bal iwwerall de Fall ass.

Et stellt sech an deem Zesummenhang d'Fro, ob de Précoce irgendwann eng Kéier soll obligatoresch gemaach ginn. Ech wëll hei kloer an däitlech soen, dass mir net domat averstane wäeren. Mir gesinn d'Utilitéit vum Précoce an enger Partie Fäll un. Ech hunn dat gëschter och hei scho gesot gehat. En huet natierlech seng Roll ze spillen am sproochleche Beräich, fir Kanner, déi vu baussen heihinner komm sinn aus net lëtzebuergesch-sproochege Familljen, esou fréi wéi méiglech duerch den deegleche Gebrauch vun der Sprooch mat hire Frënn a Kolleegen un d'Lëtzebuergeresch erunzeféieren. Et ass och noutwendeg, dass dat Personal, wat am Précoce täteg ass, derfir suergt, dass dat och tatsächlech de Fall ass.

Et gëtt och Fäll vu Lëtzebuerger Familljen, wou et de Kanner ganz sécher vun Avantage ass, wa se zäitweilig doheem erauskommen a mat anere Kanner a Kontakt kommen; ech hat dat scho gëscht ugesprach. Wa mer wëllen de Schoulerfolleg duerchsetzen, wa mer wëlle mat deene Reformen, déi mir elo entaméiert hunn, wirklech erfollegräich sinn, da mussen mer ganz fréi usetzen an et muss een an deene Familljen, wou Problemer sinn, och derfir suergen, dass déi esou fréi wéi méiglech behuwe ginn.

Wat eis e bësse stéiert an där Konzeptioun, wéi mir d'Schoulreform gesinn, ass, dass an deem Fall d'Gemengen zoustänneg si fir de Respekt vun der Schoufflicht net nokommen. Dat passt net an dat Bild wat mir vun der Schoul hunn, wou d'Primärschoul oder d'Grondschoul an Zukunft soll ënner enger Direktioun fonctionnéieren, déi sech ëm alles ze këmmere huet an och dorëm, dass d'Kanner, déi ugemellt sinn, och tatsächlech am Unterrecht erschéngen. Mir fannen et net gutt, dass de Schafferot an dee Prozess do muss agraifen, esou wéi et am Artikel 21 virgesinn ass.

E bësse problematesch ass et awer aus éischter Siicht, dass d'Gemenge sollen intervenéieren, wa festgestallt gëtt, dass d'Kanner hirer Schoufflicht net nokommen. Dat passt net an dat Bild wat mir vun der Schoul hunn, wou d'Primärschoul oder d'Grondschoul an Zukunft soll ënner enger Direktioun fonctionnéieren, déi sech ëm alles ze këmmere huet an och dorëm, dass d'Kanner, déi ugemellt sinn, och tatsächlech am Unterrecht erschéngen. Mir fannen et net gutt, dass de Schafferot an dee Prozess do muss agraifen, esou wéi et am Artikel 21 virgesinn ass.

En aneren Aspekt ass, dass d'Obligation scolaire eropgesat gëtt vun eelef op zwielef Joer. Dat heescht, dass et elo altersméisseg esou ausgesäit, dass een net mat 15 Joer ophält, mä dass ee mat 16 Joer eréischt ophält. Et gëtt gesot, vun deene 25 Länner an der Europäescher Unioun wäeren der nëmme méi zéng wou dat de Fall wär. Mir sinn och absolut d'accord, dass een dat ëm ee Joer unhieft.

Ech wëll awer drop hiweisen - ech hat deen Aspekt gëscht ugeschnidden -, dass eleng 14 Deeg Vakanz méi hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Scolaritéit vun engem Kand e ganz Joer ausmaachen. Dat heescht, am Prinzip misste mir opgrond vu verlängerte Vakanzen am Verglach mat Nopeschlänner souwisou ee Joer méi Scolarité obligatoire hunn, fir déiselwecht Zäit ze enseignéieren wéi anerer, déi mat 15 ophalen.

Wéi gesot, mir sinn awer grondsätzlech mat deem Unhiewen d'accord. Eis Gesellschaft verlaangt ëmmer méi Ausbildung. Et soll jo och d'Regel sinn, dass d'Kanner esou laang an d'Schoul ginn. Mä mir gesinn, dass den Décrochage e rise Problem hei ass, deen awer net op där anerer Säit doduerch geléist gëtt, dass mir den obligatoresche Schoulbesuch ëm ee Joer unhiewen. Mir sinn eis alleguer doriwwer eens, dass et nëmme kann iwwer eng Verbesserung vun der Qualitéit vun deem Unterrecht lafen an dass bei deenen, déi souwisou d'Fleem hunn, fir nach an d'Schoul ze goen, fir se dann nach e Joer ze zwéng méi laang an d'Schoul ze goen, do si mir eis alleguer eens, mengen ech, dass dat net wahnsinneg vill bréngt.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics schwätzt och an hirem Avis vun engem „(...) profond dégoût face à l'école (...)“. Si soen: „(...) il est difficile de leur fournir la motivation nécessaire de continuer leur scolarité pendant une année de plus.“ Do kléngt enorm vill Skepsis duerch. Wéi gesot, mir maachen eis jo och keng Illusiounen. Mir müssen effektiv e rise Chan-

gement an eise Schoulen erbäifeieren. Mir brauchen déi Motivatioun, iwwert déi mir gëschter geschwat hunn, fir dass dat doten och wirklech Sënn ergëtt.

D'Chambre des Métiers begréisst, dass am Artikel 11 virgesinn ass, dass d'Schüler mat 15 Joer dann dat lescht Joer ugerechent kréien, wa si en Apprentissage maachen. Mir fannen och, dass dat eng gutt Saach ass. Mir géife begréisze wann an Zukunft vläicht méi géif iwwert dee Wee geschafft ginn.

Mir sinn net der Meenung, dass déi Mesures pour l'emploi, déi dat Land hei schrecklech vill Geld kaschten, wirklech d'Solutioun ass. Mir wäere frou wa méi intensiv mat de Betriber kéint geschafft ginn, dass jonk Leit, och wa se da méi fréi an den Aarbechtsprozess antrieden, a Betriber komme wou se opgefaange ginn, wou se begleet ginn, wou se motivéiert ginn, amplatz dass se an Equipe komme wou eng Persoun, déi dermat chargéiert ass fir déi ze betreiien, sech dann eventuell mat sechs, siwen, aacht oder zéng muss erëmpleen, wou wirklech dann Happ a Malz verluer ass, well déi Persoun et jo net fäerdeg bréngt eng ganz Equipe esou ze motivéieren.

Den Opposé dervun ass, dass een esou e Schüler an e Betrib erasetzt wou et fonctionnéiert. Ech weess, dass et schwierig ass der genuch ze fannen, fir dass een dat kéint duerchzéien. Mä mir sinn awer der Meenung, dass dat den eenzege richtege Wee ass.

Den Här Statsminister huet hei virun e puer Joer beim État de la nation vun 1.200 Jonke geschwat, déi all Joers géifen ofbrieche. Hien huet opgezielt, dovunner wäeren der 300 an enger Mesure pour l'emploi, 300 héchstwahrscheinlech iergendwou an enger Aarbecht, awer dann, wësse mer alleguer, fir de Salaire social minimum, 300 wäeren der am Ausland a vun 300 wéisste mer net wou si hikomm wäeren. Hie war deemols entgesichert iwwert déi Situatioun.

Bon, mir liesen elo, et wär effektiv e bësse besser, et hätt sech gebessert, et wäeren eppes iwwer 9%. Mä dass sinn der 9% ze vill. Och doriwwer si mer eis eens.

Ech wëll an deem Zesummenhang awer och opwerfen, dass laut Zuelen, déi eis gesot gi sinn, 4.000 bis 5.000 Kanner am Ausland an enger richteger Formatioun sinn, a Schoule sinn. Kanner, déi vläicht zu engem Deel Besoins spécifiques hunn, deene mir hei net hëllef kënnen.

An ech froen: Wat ass dat fir eng öffentlech Schoul, wou d'Elteren - well dat kascht jo Geld - forcéiert sinn, wann nach eppes soll aus hire Kanner ginn, fir se hei erauszuhuelen an op eng auslännesch Schoul ze schécken, meeschtens Privatschoulen, wat Geld kascht, wat sozial ongerecht ass, wou d'Eltere müssen derfir bezuelen, mä wou Gott sei Dank dann hannen um Enn e Resultat erauskënnt a wou ganz dacks där Kanner op Lëtzebuerg zrëckkommen, déi souguer e Bac gepackt hunn?

Ee Wuert zu de Sproochen. D'Sprooche si jo hei am Gesetz opgefouert an de Gebrauch soll iwwer Règlement grand-ducal geregelt ginn. Ech kann hei och nëmmen ënnersträichen, wéi verschidde vu menge Virriedner, dass fir eis d'Lëtzebuergesch als Langue véhiculaire absolut noutwendeg ass, dass mir eng Unicitéit vun eisem Unterrecht brauchen. Mä mir acceptéieren awer och, dass wa Schwächten an eenzelne Sprooche sinn, wann e francophonet Kand Schwierigkeete mam Däitschen huet oder ëmgekéiert mam Franséischen, dass ee soll a muss op e modularen Unterrecht goen, dass dat Kand net a senger ganzer schoulescher Entwécklung gebremst gëtt, well et punktuell e Problem huet.

Éischens muss een dee Problem da punktuell probéieren duerch eng spezifesch Ënnerstetzung souwäit wéi méiglech auszebigelen. A wann dat dann nach net hëllef, da muss dat Kand trotzdem duerch e module System an deene Fächer, wou et staark ass, optimal kënnen weider evoluéieren, an et kann net duerch eng punktuell Schwächt gebremst ginn.

Nach ee Wuert zu den Artikelen 8 an 9. Den 8 seet: „La formation scolaire obligatoire s'accomplit dans les établissements scolaires publics.“ Den 9, dee seet: „(...) peut également être suivie dans une école privée, une école européenne ou à l'étranger.“ Dat ass, wat d'Obligiatioun ubelaangt. Mä ech wëll bei där Geleenheet awer ënnersträichen, dass mir der Meenung sinn, dass et och irgendwéi eng ongesond Entwécklung ass.

Wann d'Kanner natierlech op där enger Säit öffentlech Schoul ugebuede kréien, si kënnen an dierfen - et wär jo och falsch, wann dat net de Fall wär - an eng Privatschoul goen. Mä mir wëssen, dass d'Privatschoulen deier sinn. D'Iwwerzeegung ass

op ville Plazen, si wäere besser wéi d'öffentlech Schoul. Wéi et schéngt, sinn d'Resultater jo och an den Tester, déi gemaach si gi vun der Europaschoul ënner anerem an der International School, besser wéi déi vun eiser öffentlecher Schoul.

Wann dat esou ass, da besteht jo an där Bezéiung erëm eng Ongerechtegkeet. Duerfir hu mir d'Iddi entwéckelt, dass een déi Schoulen eigentlech misst alleguer op engem Niveau zueneen a Konkurrenz setzen, dass een iwwer e Genre Schoulscheck - e virtuelle Scheck, deen een den Eltere géif ginn - am Fong geholl den Eltere d'Moyenë géif gi fir kënnen fräi ze wäelen, ouni dass et e finanziellen Nodeel hätt, ob se hir Kanner wëllen an déi oder an déi oder an déi Schoul schécken, woubäi ee keen Ënnerscheed méi dierf maachen, ob et an eng öffentlech oder eng Privatschoul wär.

Dat géif eiser Meenung no ganz viles a Bewegung setzen, well jiddwer Schoul forcéiert wär wirklech déi beschtméiglech Qualitéit ze liwweren, fir kënnen an deem System ze bestoen. Et ass op jidde Fall eiser Meenung no derwäert fir doriwwer nozedenken.

Här President, ech kommen domadder zum Schluss. Mir doen eis a verschiddene Punkte schwéier mat deem Gesetz, well et net an eist Konzept vun enger Schoul passt, mä mir géifen em trotzdem eis Zoustëmmung ginn, well et e wichteg Gesetz ass, fir dass eis Schoulen an Zukunft kënnen esou fonctionnéieren, wéi mir eis dat wënschen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Ech géif proposéieren, dass mir elo d'Madame Minister géifen zu deem Projet héieren an dass mir duerno déi dräi Projeten hei ofstëmmen.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, och ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Jiddwereen heibanne weess deemno wat an deem Gesetz drasteet. Ech wëll och all menge Virriedner Merci soen.

Ech mengen net, dass ech muss vill zur Diskussioun iwwert d'Verlängerung vun der Schoufflicht op zwielef Joer bäifügen. Ech freeë mech iwwert dee Konsens, deen ech hei an der Chamber ka feststellen. Ech deelen och d'Meenung, dass et net duergeet d'Schoufflicht ëm ee Joer ze verlängeren, mä dass een och muss derfir suergen, dass d'Qualitéit vun deem Joer och eppes soll bréngen, iwwert d'Verbesserung vun der Qualitéit, iwwert d'Inhalter vun der Schoul, a wat maache mir fir déi Schüler, déi keng Loscht méi hunn, fir déi ze motivéieren, dass si déi Loscht do erëm kréien. Dofir war jo déi Diskussioun vu gëschter, fir vu Klengem un opzebauen, dass d'Motivatioun bestoe bleift.

Ech wëll awer soen, och wann 9% vu Schoulfbrieher ouni Qualifikatioun der nach vill ze vill sinn, dass ech mech trotzdem freeën, dass mer Resultater hunn, dass et awer weist, dass déi Efforten, déi mer maache fir d'Schüler, déi d'Fleem hunn, erëm opzefänken a se zrëck an d'Schoul ze kréien, eppes bréngen. Dat mécht mech optimisteschen an dat weist, dass wann ee sech drusetzt, dass een dann awer kann Objektiv erreechen, och wann et fir mäi Goût nach ëmmer net duergeet.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, dass am Prinzip d'Schoufflicht an der öffentlecher Schoul ofgesat gëtt, wann ech dat esou ka soen. Ech mengen esou ass den Dispositif vum Gesetz opgebaut, an dass dat natierlech d'öffentlech Schoul och an d'Obligiatioun setzt fir Qualitéit ze bidden, dass mer déi beschtméiglech öffentlech Schoul müssen ubidden an dass, subsidiäresch selbstverständlech, d'Elteren an d'Kanner och optéiere kënnen fir hir Schoufflicht an enger Privatschoul, an der Europaschoul oder am Ausland kënnen ze maachen.

An nëmme ganz exceptionnell, an dat hu mer wirklech kadriert, den Enseignement à domicile, well mer dat eigentlech net wëllen, well d'Schoul jo och eng Missioun vu Sozialisatioun huet an den Enseignement à domicile déi net ka garantéieren, dass also den Enseignement à domicile nëmmen an exceptionnelle Fäll méiglech ass, wann eng Famill während kuerzer Zäit zu Lëtzebuerg ass a wou d'Ëmstellung ze grouss ass, fir sech an eng Schoul kënnen unzepassen.

Ech si frou wéi Dir, dass d'Chamberkommissioun de Conseil d'État net suivéiert huet, wou hie gesot huet, den Artikel iwwert

d'Missioun vun der Schoul wär eigentlech net noutwenneg. Ech mengen, dass dat richteg ass, wann een d'Gesetz reng normativ gesäit. Ech denken, dass et awer wichteg ass, dass mer an engem Text stoen hunn, wat d'Missioun vun der Schoul ass. D'Missioun vun der Schoul ass, dass se eng Kannerbegleedung mécht an dass se d'ganz Entwécklung vum Kand am A huet. Fir mech ass dat primordial.

Et geet also drëm déi Kompetenzen ze entwéckelen, dass ee jonke Mënsch herno e perséinlecht, erfëllt Liewe ka liewen, dass e sech kann an engem Beruff oder enger Weiterbildung erëmfinden an dass hien e kriteschen, partizipative Bierger an enger demokratescher Gesellschaft gëtt. Ech mengen, dass dat awer eng wichteg Aufgab ass, déi mer sollen an den Text festschreiwen.

Ech wëll och ënnersträichen, dass mer an deem Text en Dispositif iwwert d'Chancégerechtegkeet virgesinn hunn, wat also heescht, dass d'Schoul net jiddwerengem soll a muss datselwecht offréieren, mä jiddwerengem soll dat offréieren, déi Ressourcen, déi Méiglechkeeten an deen Encadrement, déi him et erlabe seng Chancen a seng Potenzialitéiten ze potenzialiséieren. Dat ass eigentlech eng Mesure vun Discrimination positive, déi mer an deem Gesetz hei festgeschriwwen hunn.

Ech wëllt dann nach zwee Sujete kuerz uschwätzen, well déi hei an der Diskussioun vill opkomm sinn, dass ass d'Tenue vestimentaire an d'Sproochen.

Zur Tenue vestimentaire wëll ech soen, dass déi Artikelen effektiv drakomm sinn, inspiréiert duerch d'Diskussiounen a Frankräich. Mir hunn eis gesot, dass et besser ass, mer klären déi Situatioun eier mer Problemer hunn, wéi dass mer waarde bis mer Problemer hunn a mer se dann am Nachhinein mussen regelen.

Ech wëll och soen, dass et richteg ass, dass mer déi Interdictioun vun engem Signe ostensible eigentlech nëmme fir d'Enseignanté virgesinn, net fir d'Schüler. Ech wëll de Schüler dat net verbidden. Ech wëll awer drop hiweisen, dass dat Gesetz fir d'Schüler virschreift, dass d'Obligation scolaire doranner besteet, dass se un all Cours müssen deelhuele. Dat ass d'Obligiatioun fir d'Schüler. Et kann een net soen, aus reliéiser Iwwerzeegung maachen ech net mat beim Turnen oder beim Biosunterrecht. Dat steet och hei an deem Gesetz, an ech mengen domadder hu mer eng Situatioun geschaaft, déi kloer ass.

En Enseignant ka seng politesch Iwwerzeegung, seng reliéis Iwwerzeegung a seng philosophesch Iwwerzeegung hunn, ech mengen just, dass e sech engagéiert fir déi net bei de Schüler spillen ze loosse a se ze influenzéieren, well de Fonctionnaire sech jo engagéiert fir eng Neutralitéit ze observéieren. Elo kënn Dir soen, an dat deelen ech - ech verstinn déi Argumenter vum Här Berger an och d'Amendementen vun der DP -, da misste mer dat och fir de Reliounsunterrecht konsequent duerchzéien. Do soen ech, ech huelen dat net un, well eng Schoul situéiert sech an enger Gesellschaft, an engem Kontext, an enger Geschicht, a mir hunn de Reliounsunterrecht an der Schoul.

Mir hunn och an deenen anere Gesetzer net decidéiert en erauszuhuelen, an duerfir fannen ech dat eng logesch Konsequenz, dass mer da soen, jo dann dierfen déi, déi Reliounsunterrecht halen - wat jo en Unterrecht ass, deen iwwer Konventioun mat enger Kierch geregelt ass -, d'Recht hunn dat ze weisen, woubäi ech feststellen, dass déi dat normalerweis ganz diskret maachen. Ech kréie jo oft reprochéiert, ech wär ze vill pragmatesch. Ech huelen dee Reproche un, mä mir geet et drëm, dass mer an de wesentleche Saache weiderkommen. Ech mengen, dass dat hei eng wichteg Dispositioun ass fir d'Zukunft ze regléieren, ouni eis ganz Geschicht an Tradition do müssen ze liquidéieren.

Duerfir géif ech och soen, ech bewonneren déi Konstanz vum Här Berger, deen ëmmer erëm déiselwecht Amendementen bréngt vun deenen Texter, déi hien an der leschter Regierung hätt kënnen an d'Gesetz setzen. Duerfir géif ech mengen et wier normal, dass een déi och géif oflehen.

(Interruptions)

Da wollt ech nach eppes zu de Sprooche soen. Eis huet et wichteg geschéngt an deem Text ze soen, wat d'Sprooche vun der Schoul sinn. Dat sinn also Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Dat heescht jo net, dass aner Sproochen net an der Schoul enseignéiert ginn, mä dat sinn déi Langues véhiculaires déi mer an der Schoul benotzen a vun deene mer ausginn, dass da jiddweree se och léiert, dass hie se léiert an dass hie se dann och op verschiddenen Niveauë maîtriséiert.

Ëmmer erëm kënnt dann d'Diskussioun op, ob mer solle francophone Klassen oder eng Alphabetisatioun op franséisch maachen. Ech wëll just soe wou mer sti a wat ech fir mech, also fir dee Ministère, fir meng Aufgab hei iwwerholl hunn.

Mir hunn ëmmer gesot, an et ass och am Plan d'action „Langues“ festgehalten, dass mer op d'Mehrsproochegkeet an eisem Schoulsystem halen. Mir hätte gärén, dass d'Kanner, déi zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch léieren, mä mer wëllen net vun hinnen alleguer verlaangen, dass se an all Domän vun der Sprooch deeselwechten Niveau errechen.

Duerfir hu mer jo de Plan d'action „Langues“, wou mer soen, mer deelen eng Sprooch op a véier Domänen, dat ass dat Passiiv, also d'Verstoen, verstoe wann ee schwätzt, verstoe wat ee liest, an dann dat Aktiiv, dat heescht schwätzen a schreiwen. A mir hätte gär, dass jiddwereen, all Kand an der Schoul déi Kompetenzen huet, mä op verschiddenen Niveauen, déi eng méi an déi aner manner. Et ass ëmmer vill vu Projekte vun Alphabetiséierung op franséisch geschwat ginn. Bis elo ass eng kéier virun e puer Joer een ugesat ginn, deem ass ni evaluéiert ginn an huet erëm opgehalen.

Elo huet „Eis Schoul“, dat wëll ech awer ausdrécklech soen, eigentlech a senge méigleche Missiounen ze kucken, wéi mer an enger anerer Sprooch alphabetiséiere kënnen. An do hätte mer jo dann och déi scientifique Begleedung vun der Uni Lëtzebuerg, déi jo dobäi Partner ass, fir Erkenntnisser ze kréien, wéi mer dat da kéinte maachen.

Ech wëll just all déi Leit, déi hei soen, wéi einfach dass dat alles ass, drop hiweisen, dass eigentlech dat Zil do, dass jiddwereen an der Lëtzebuurger Schoul soll Sprooche léieren, an nach wa méiglech esou vill anerer wéi méiglech, Englesch a Portugisesch an Italienesch a Spuenesch an all déi aner Sproochen, dass mer dat Zil eigentlech fir déi Kanner, déi vun Ufank un an d'Lëtzebuurger Schoul ginn, relativ gutt errechen, wa mer d'Exigenze fir d'Kanner e bësse moduléieren.

Ech wëll awer net ënnerschätzen, dass all Joer ganz vill Kanner an d'Land kommen, déi méi al sinn, fir dass se iwwerhaapt nach kënnen an d'Primärschoul goen. Pro Joer 700 ongeféier, säit mir dat moossen, dat ass elo säit ech do sinn, déi méi al wéi 13 Joer si wa se op Lëtzebuerg kommen an déi oft keng Sprooch vum Land kënnen. Fir déi maache mer eng Offer, wou se dann an enger Sprooch, entweder op däitsch oder op franséisch scolariséiert ginn, an do soe mer, do geet d'Exigenz vun der Qualifikatioun, dass se wa méiglech eng Berufsausbildung kréien, iwwert déi vum Multilinguismus.

Duerfir soen ech, d'Exigenz fir déi Sprooche wëlle mer oprechterhale fir Kanner, déi vun Ufank u scolariséiert ginn, mä wann et drëm geet engem eng Chance ze gi fir an e Beruff ze kommen, da kënnen mer dorobber verzichten. Duerfir hu mer jo och d'Offer vu Formatiounen am Franséischen ausgedehnt. De BAC international ass niewent de Formations professionnelles op franséisch, mä mer maachen de BAC international an der öffentlecher Schoul op englesch, an ech denken, dass een an déi Richtung muss weidergoen. Gutt, no all dësen Erklärungen wëll ech lech nach Merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Léif Kolleeгинnen a Kollegen, ech géif proposéieren, dass mer elo iwwert déi dräi Projeten, déi zwee, déi mer gëschter

diskutéiert hunn iwwert den Enseignement fondamental an iwwert d'Léierpersonal an dann och dee vun haut de Moien, ofstëmmen. Fir d'éischt dann de Projet de loi 5759 iwwert d'Organisatioun vum Enseignement fondamental.

4. 5759 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental (suite)

Amendement 1

Mir si konfrontéiert mat engem Amendement vum honorabelen Här Berger betreffend eng Rei vun Artikelen. Dësen Amendement, deen nëmmen eng Ënnerschrëft dréit, gëtt ënnerstëtzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens.

Den Här Berger ass d'accord, fir dass mer déi Emännerung vun deenen Artikelen, déi hie proposéiert, als een eenzeggen Amendement considéieren. Also huele mer och nëmmen ee Vote doriwwer. Da musse mer ofstëmmen iwwert den Amendement, deen den Här Berger proposéiert huet, betreffend d'Artikele 7, 8, 11, 12, 52, 54, 57, 60 an 68.

Vote

Déi, déi d'accord si mat dësem Amendement, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder mat Enthaltung.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 15 Jo-Stëmmen a véier Enthaltungen. D'Artikele 7, 8, 11, 12, 52, 54, 57, 60 an 68 bleiwen also ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun se virgeschloen huet.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Norbert Hauptert), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Patrick Santer), Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5759 als Ganzes.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall, Madame Minister, mat 38 Jo-Stëmmen, bei 20 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Norbert Hauptert), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Patrick Santer), Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

5. 5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental (suite)

Mir kommen dann zum Projet de loi 5760 iwwert d'Léierpersonal.

Amendement 1

Och hei si mer konfrontéiert mat engem Amendement vum Här Berger betreffend den Artikel 26. Och dësen Amendement dréit nëmmen eng Ënnerschrëft a gëtt ënnerstëtzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens.

Déi verschidde Propositionen, déi gemaach ginn, sinn och een Amendement. Mir stëmmen iwwert den Amendement of.

Vote

Den Amendement ass ofgelehnt, Här Berger, mat 16 Jo-Stëmmen, 38 Nee-Stëmmen a véier Abstentiounen.

» **Une voix.** - Dat ass knapps!

» **M. le Président.** - Ech weess net, ob dat knapps ass.

(Interruptions)

Den Artikel 26 bleift also an där aler Form bäibehalen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Patrick Santer), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5760 als Ganzes.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Och dëse Projet ass mat 38 Jo-Stëmmen ugehall, bei 20 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme

Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Mir sinn, wat dëse Projet ubelaangt, och mat enger Motioun, déi den Här Berger déposéiert huet, konfrontéiert. Dës Motioun dréit nëmmen eng Ënnerschrëft a gëtt ënnerstëtzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens.

Vote

Kënne mer par main levée iwwert déi Motioun ofstëmmen?

(Assentiment)

Da stëmme mer par main levée of. Wien ass d'accord mat der Motioun vum Här Berger? Wien ass dergéint?

Mat grousser Majoritéit ass d'Motioun dann ofgelehnt.

6. 5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire (suite)

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet vun haut de Moien.

Amendement 1

Och do hu mer en Amendement vum Här Berger, betreffend d'Artikele 4 a 5. Dësen Amendement gëtt och ënnerstëtzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens. Mir stëmme of iwwert den Amendement 1.

Vote

Den Amendement ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stëmmen, bei 17 Jo-Stëmmen a véier Enthaltungen. D'Artikele 4 a 5 bleiwen also an där Form bestoen, wéi d'Kommissioun se virgeschloen huet.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.